



Wien hëlleft dem Ouschterhues

En interkulturellt Billerbuch

2 ● 3



«Soll ech iech eppes verrodén?

Ech sinn den Ouschterhues.

All Fréijoer verstoppen ech déi gutt Ouschtersaache fir d'Kanner.


Haut maachen ech d'Faarwen, muer fierwen ech d'Eeër.

Dëst Joer wëll ech se besonnesch schéi fierwen.

Ech hunn nach e bëssen Zäit bis d'Hung an den Hunn d'Eeër bréngen.

Wëllt dir an där Zäit déi Schockelasouschterhuese gesinn?»

4 ● 5



«Hei am Keller ass et däischter a kill.

All d'Schockelasouschterhuese sti scho prett.

D'Kanner wäerten hir Freed hunn!

O, den Hunn kréint! Lo ginn d'Eeër geliwwert.»

6 ● 7



«Sou vill Eeër!», freet sech den Ouschterhues.

Den Hunn rífft: «Mir loossen den Unhänger mat den Eeër hei stoen.»

«Gagack, gagack», gackert d'Hung.

«Déi Eeër hu meng Frëndinnen an ech geluecht! A si sinn och scho gekacht.»

Fir Äddi ze soe kréint den Hunn säin «Kikerikiiiiii» a «Güggerüggüüü!»

«Waart nach!», rífft den Ouschterhues.

«Ech wëll e klengt Stéck um Trakter matfueren.

Do gött ee sou schéin duerchernee gerëselt.»

8 ● 9



Dat rëselt a stuckelt jo richtig!

Den Ouschterhues laacht vu Freed.

Mee: Holterdi polterti bum – trëllt e vum Trakter erof.

«Aua! Meng Patt!», jéimert hien.

1 ● 2 ● 3



10 ● 11



«O mei, o mei, deng Patt ass bestëmmt verstaucht», gackert d'Hung.
«Hal lo mol schéi stall! Ech wëll se verbannen.
Du däerfs déi Patt zwou Woche laang net beweegen!»
«Net beweegen? Dat ass net méiglich!», rífft den Ouschterhues entsat.
«Ech muss bis Ouschteren d'Ëeër all fierwen!»
«Gagack, mir kéinten dir hëllefen.»

«Nee, mäi léift Hung, dat geet leider net», seet den Ouschterhues.
«Ouschtereeër fierwe kënnen nëmme mir Huesen, mat eise mëlle Patten.
Ma wat soll ech dann nëmme maachen?
Lo kann ech keng Eeër fierwen an näischt verstoppen!
Ouni faarweg Ouschtereeër gëtt et iwwehaapt keen Ouschterfest!»
Op dem Zonk do sëtzen Dauwen. Si hunn all Wuert matgelauschtert.
Si stiechen d'Käpp zesummen, gurre mateneen a fléien da fort.

16 ● 17



Ganz traureg huppt den Ouschterhues am Gras.
Ma, wat ass do lass?
Hien héiert en Hoppele wéi vun honnert Huesepatten.
Verwonnert spréngt hien op a rífft:
«Wat ee Gléck, dass dir kommt! Wëllt dir mir fir Ouschteren hëllefen?»

18 ● 19



Ëmmer méi Huese kommen erbäigesprongen, vun no a vu wäit aus
der ganzer Welt.
Den Ouschterhues ass déck frou. Hie weist hinne wéi een d'Faarwe fir
d'Ëeër ka mëschen.

1 ● 2 ● 3



20 ● 21



Ganz äifreg maachen sech déi nei Frëndinnen a Frënn un d'Aarbecht.
Ganz gewëssenhaft fierwen si d'Eeër. Si laachen, schnabbelen a verziele
sech vun hirer Rees.
Den Ouschterhues kuckt hinne begeeschtert no. Een Ee gëtt méi schéi
wéi dat anert.

22 ● 23



An der Nuecht virun Ouschersonndeg schläichen d'Huese bei
d'Haiser a bei de Stadpark. Flénk verstoppfen si déi schéin Eeër a
Schockelasouschterhuesen.
«Kuckt mol, eng Muert!», pëspert den Ouschterhues. «D'Kanner hunn
eis och eppes Guddes dohinner geluecht!»

Nach viru Sonnenopgank sinn all d'Ouschtersaache verstoppft.

24 ● 25



«Lo feiere mir en Huesefest!», rífft den Ouschterhues. «Mat Musek a wëlle
Spréng, mat Pissblummen, Zalot a Muerten!»
All d'Huesen hoppelen a schloen de Kopplabunz, knabberen a maufelen
de ganzen Dag an och nach déi ganz Nuecht.

26 ● 27



Fir Äddi ze soen, ruffen d'Huesen an alle Sproochen.
«Hasta luego!»
«Güle, güle!»
«Arrivederci!»
«Auf Wiedersehen!»
«Äddi! D'nächst Joer komme mir rëm!»

1 ● 2 ● 3